

Rapport Referees Commission 7ten August 2018

Uwiesend : Ney, Geib, Keiffer, Simonelli, Weber, Nesser, Weinzierl, Pascalicchio, Frieseisen
(présents)

Entschëllegt : (excusés)

1. Adoptioun vum Rapport vum 08.05.2018

De Rapport ass ugeholl. (*Le rapport est adopté.*)

2. Info nei Tariffer (*Info nouveaux tarifs*)

An der Assemblée Générale vun der FLH ass d'Proposition vun der Refcom ugeholl ginn. Di nei Tariffer gëllen ab 16. Juli 2018. Frëndschaftsmatcher ginn deemno op Basis vun den Tariffer vun der regulärer Saison a net laut den Tariffer vum Playoff bezuelt. (*Lors de l'Assemblée Générale, la proposition de la Refcom a été approuvé. Les nouveaux tarifs entrent en vigueur le 16 juillet 2018. Les matchs amicaux se baseront sur les tarifs de la saison régulière et non pas sur ceux des Play-Offs.*)

3. Entschiedegung Arbitter an der Nationaldivisioun (*Rémunération arbitres Division Nationale*)

Neie System mat engem gemeinsame Pot : Rechnungen ginn vun der FLH bezuelt. D'Veräiner müssen d'Sue virstrecken an fir méi Gerechtegkeet ginn d'Frais de Route gläichméisseg op d'Veräiner verdeelt. (*Nouveau système avec une cagnotte commune : Les factures sont payées par la FLH, les clubs doivent avancer l'argent et, pour plus d'équité, les frais de route seront répartis d'une manière égale entre les clubs.*)

Arbitteren aus der Hären- an Dammnationaldivisioun sollen all Weekend hier Rechnungen un d'FLH schécken a ginn dann 1x den Mount bezuelt. All di aner Divisiounen a Kategorien lafen normal weider, d.h., d'Arbittere ginn direkt vun de Clibb bezuelt. (*Les arbitres des divisions nationales Hommes et Dames sont tenus à envoyer leurs factures du WE à la FLH et seront payés une fois par mois. Toutes les autres divisions et catégories restent dans l'ancien système, c'à-d, les arbitres sont payés directement par les clubs.*)

4. Resultater vun den Tester vum 07. Juli 2018 (*Résultats des tests du 7 juillet 2018*)

D'Majoritéit huet gutt ofgeschloss, déi Leit, déi Noexamen hunn gi kontaktéiert. (*La majorité des candidats a bien réussi. Ceux qui ont un examen de rattrapage seront contactés.*)

5. Resultater praktesch Examen 2017-2018 C-Schäin (*Résultats Examens pratiques 2017-2018, brevet C*)

Déi 9 Kandidaten hunn hire prakteschen Test bestanen. BRAVO ! (*Les 9 candidats ont réussi leur examens pratiques. BRAVO !!!*)

D'Diplomiwierrechung ass den 18. September um INS um 18h30. Leider hunn sech zwee vun hinnen ofgemellt. (*La remise des diplômes aura lieu le 18 septembre à l'INS. Malheureusement 2 des candidats se sont désistés.*)

6. Suite Formatioun vun de neien C-Arbitter (*Suite formation de nouveaux arbitres C*)

Noexamen ass de Freiden 31.08. Dono kréien si ënnert der Opsicht vun Tuteuren Matcher ze päifen. (*Les examens de rattrapage auront lieu le 31.08. Ensuite ils siffleront des matchs sous surveillance des tuteurs respectifs.*)

7. Stage September zu Mondorf

Et hunn sech 30 Leit ageschriwwen. Nomeldunge sinn aus organisatoresche Grënn net méi méiglech. (*Il y a 30 inscriptions. Pour des raisons organisationnelles ce nombre est définitif.*)

8. Info nei Guidelines vun der IHF (*Info sur les nouvelles directives de la IHF*)

Reegel 4.7 an 4.8 Korrektur: inklusiv Faarf-Thermosbox Regel 4.9 nach ëmmer progressiv. (*Règles 4.7 et 4.8 Correction : la couleur-des shorts thermo y est inclus , Règle 4.9: toujours progressive*)

D'Interpretatiounen kommen op de Site vun der FLH. (*Les interprétations se trouveront sur le site FLH*)

9. Info nei Jugendformel (*info nouvelle Formule Jeunes*)

Nei Spillzäiten Kategorie U13 an U15, Wiessel just am Ugrëff, Benotze vun Harz ab U15, Nei Kategorien U11, U13, U15, U17 an U19. (*Nouveaux temps de jeu catégorie U13 et U15, Remplacements joueurs seulement en attaque, utilisation de résine à partir des U15, nouvelles catégories : U11, U13, U15, U17 et U19*)

Arbitteren sollen sech déi nei Jugendformel um Site ukucken. (*Les arbitres sont tenus à s'informer des changements sur www.flh.lu*)

10. Rappel : Punktesystem Arbitterbewäertung (*Rappel : Évaluation arbitres*)

De Punktesystem bei de Bewäertungen fält ewech. Ab dëser Saison müssen och d'Arbitteren sech selwer bewäerten. Zousätzlech dozou müssen d'Veräiner eng Bewäertung ofginn, an déi muss vun engem Equipenoffiziellen (A ;B ;C ;D) ausgefëllt ginn. Des Bewäertung muss spëtstens 48

Stonnen nom Match un arbitre@flh.lu geschéckt ginn. *(Le système d'évaluation par points est aboli. À partir de cette saison, les arbitres vont s'auto-évaluer. En plus, les clubs évalueront les arbitres par le biais d'un formulaire à remplir par un officiel d'équipe (A ;B ;C ;D). Ce formulaire est à envoyer au plus tard 48 heures après le match à l'adresse arbitre@flh.lu)*

De Fichier gëtt nach un d'Veräiner geschéckt an op de Site vun der FLH gesat. *(Les fichiers vont être transmis au clubs et téléchargés sur le site de la FLH)*

11. Austausch Arbitter mat anere Verbänn am Seniorsberäich. (Échange arbitres Seniors entre fédérations)

Kontakter mat Verbänn sinn do an müssen nach ausgeschafft ginn. Richtig Konkretes gëtt et momentan allerdéngs nëmmen mam Wiener Handballverband a mam DHB. *(Il y a des contacts qui restent à être approfondi. Du concret il n'a y qu'avec le WHV et le DHB)*

12. Info Museldall nei Haal^{SEP} (Info nouveau hall HB Museldall)

D'Hall ass kontrolléiert ginn. *(Le hall a été contrôlé)*

13. Hall Sportif de Martelange / HC Arlon (Hall sportif à Martelange/HC Arlon)

Gëtt nach kontrolléiert. *(Doit encore être contrôlé)*

D'Hal vun Esch muss nach kontrolléiert ginn. *(Le hall de Esch doit encore être contrôlé)*

D'Veräiner si gebieden en RDV bei der REFCOM ze huelen. *(Les clubs de Arlon et de Esch sont priés de fixer un RV avec la Refcom mail arbitre@flh.lu)*

14. Cours Jeunes Arbitres (JA)

29.9 ass ok, wa méiglech an der Coque ab 09h30. Detailer ginn geklärt. *(Une formation est prévue le 29.9 de préférence à la Coque. Les détails suivront.)*

15. Cours secrétaire-chrono (Cours secrétaire-chrono)

-(letzebuergesch) - 15/09/2018, 10h00 – 12h00 *(luxembourgeois)*

-(franséisch) - 22/09/2018 10h00 – 12h00 *(français)*

jeweils an der FLH *(à chaque fois à la FLH, 3, route d'Arlon)*

17. Cours délégué (cours délégué)

D'Kandidate sollen sech w.e.g. bei der FLH mellen. *(Les candidats sont tenus à entrer en contact avec la FLH)*

18. Divers

Mir erënneren drun, dass an der Refcom nach eng Platz fräi ass fir e Veräinsmember. *(Nous vous rappelons qu'il y a encore une place libre pour un membre d'un club dans la Refcom)*

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 04.09 um 18.15 Auer

(Prochaine réunion: Mardi, 04.09 à 18h15)